N°8084
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vum Här Minister vir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8084 vum 9. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Max Hengel.**

*Wéi vill Patiente si bis ewell am Kader vum Long-Covid-Programm behandelt ginn?*

D'Finanzéirung vum Long-Covid-Programm, deen den 8. Juli 2021 virgestallt gouf, deemools ënnert der Form vun engem Pilotprojet, ass Ufanks 2022 vun der Krankeversécherung iwwerholl ginn a soll de Patienten, déi un Long Covid leiden, eng méi adäquat a pluridisziplinär Prise en charge garantéieren.

Am Kader vun dësem Programm si bis haut 1.006 Patiente behandelt ginn.

*Wéi vill Patiente kruten e Refus vum Kontrolldokter, obwuel e Spezialist virdru Long-Covid diagnostizéiert hat a si am Kader vum Long-Covid-Programm behandelt goufen?*

*Firwat gëtt bei Patienten, déi am Kader vum Long-Covid-Programm behandelt ginn, d'Diagnos vum Spezialist net d'office vun der CNS unerkannt?*

Am Kader vun der Diagnos an der Prise en charge vum Long Covid gëtt d'Prise en charge vum Patient an Etappen vun den bedeelegten Spideeler realiséiert. Des Prise en charge viséiert déi festgestallten Krankheetsbiller ze verbesseren.

Bei enger laanger Aarbechtsonfähegkeet vum Patient kënnt et vir dat e „Long-Covid"-Patient an de medezinesche Kontrolldéngscht vun der sozialer Sécherheet (*Contrôle médical de la sécurité sociale* – CMSS) geruff gëtt, haaptsächlech am Beräich Krankegeld.

Dem Kontrolldokter seng Aufgab besteet doran ze évaluéieren ob all Assuré fäheg ass ze schaffen oder net, fir deen e Krankeschäin ausgestallt gouf.

De CMSS stellt no der Analys en Avis op. Op dësem medezineschen Avis baséiert d'Decisioun vun der Gesondheetskeess.

Den Artikel 419, Alinea 1 vum Code vun der sozialer Sécherheet gesäit Folgendes vir : *« Le CMSS a pour mission d'évaluer l'état de santé des assurés dans les cas prévus par les lois, règlements ou statuts afin de se prononcer dans des avis motivés sur les éléments d'ordre médical qui commandent l'attribution de prestations de sécurité sociale. »*

Wat d'Zuelen ubelaangt, ass ze soen, dass am Joer 2021, 261 Patiente vum Kontrolldokter gesi goufen, an der dovun 26 als aarbechtsfäheg déclaréiert goufen. Fir d'Joer 2022, huet de Kontrolldokter am Ganzen 411 Long Covid Patiente gesinn, an 48 dovu kruten e Refus. A fir 2023 kruten bis elo 6 vun den ënnersichten 90 Patienten eng Aarbechtsonfähegkeet refuséiert. Dësen Taux läit an der Moyenne vum Taux vun Patienten déi ingesamt vum Contrôle médical als aarbechtsfäheg deklaréiert gin. Am Joer 2021 waren dat 12%.

*Wéi vill huet de Projet Long-Covid bis ewell kascht?*

D'Zomm, déi vum Gesondheetsministère am Kader vun den Accorde vum Pilotprojet iwwer de Long Covid bezuelt goufen, beleeft sech op 1.075.369,25 Euros.

Doniewend gëtt d'Prise en charge vom Long Covid vun der CNS finanzéiert am Kader vun de bekannten Finanzéierungsprinzipien vun der Dokteraktivitéit iwwert d'Nomenclature an d'Spidolsaktivitéit iwwert den jährleche Budget vun den eenzelnen bedeelegte Spideeler.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert